N° 7948
Entrée le 28.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 02.05.2023

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

Präsident vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2023

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Bannenzeg Sécherheet an un den Här Minister fir Dateschutz weiderzeleeden.

Am Hibléck op d'Parlamentswalen huet d'"*Association des compagnies d'assurances et de réassurances*" (ACA) eng Initiativ geholl, fir déi politesch Parteien op néng Prioritéiten opmierksam ze maachen. An enger vun dëse Prioritéite geet et ëm d'Autosversécherungen.

Am Fall vun engem onversécherten Auto muss d'Allgemengheet d'Laascht droen, fir d'Affer vun engem Akzident iwwert den "*Fonds de Garantie Automobile*" ze entschiedegen. Dëse Fong huet an den leschten dräi Joer duerchschnëttlech honnert Fäll pro Joer beaarbecht. Wann een dovunner ausgeet, dass een zu Lëtzebuerg eng vergläichbar Situatioun wéi an den Nopeschlänner huet, da fueren tëschent 5.000 an 10.000 net versëchert Autoe mat enger Lëtzebuerger Plaque op eise Stroossen. Fir dëse Problem ze bekämpfen, proposéiert d'ACA, dass d'Police op en digitale Versécherungsregister zougräife kann, wou si mat Hëllef vum Nummereschëld iwwerpréiwe kann, ob en Auto versëchert ass oder net.

Och ass et zu Lëtzebuerg am Abléck esou, datt eng Persoun, déi der Police d'Versécherungsdokument vun hirem Auto net ka weisen, de Schlëssel vum Auto muss ofginn an den Auto immobiliséiert bleift, bis déi néideg Dokumenter kënne gewise ginn. Wann d'Police selwer Zougrëff op e Fichier mat de Versécherungsdaten hätt, wären esou ëmständlech Prozeduren net méi néideg.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Police sollt en automateschen Zougrëff op Dateie kréien, déi iwwer de Versécherungsstatus vun den Autoe mat Lëtzebuerger Plaque renseignéieren? Wa jo, wéi a wéini wëll si esou e System aféieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten